

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

„Op der Nordbastioun vum Veianer Schlass si virun etleche Woche Steng erofgefall. Dës Mauer misst effektiv stabiliséiert gi fir ze vermeiden, datt sech eng Situatioun wéi zu Beefort ergëtt.

An deem Zesammenhang wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

- 1. Ass de Service des Sites et Monuments schonn iwwer dëse Problem informéiert ginn? Wa jo, zu wat fir enge Konklusioun sinn d'Spezialiste komm?*
- 2. Gëtt den Zoustand vum Mauerwierk vum Schlass a besonnesch vun der Rankmauer reegelméisseg iwwerpréift? Wa jo, wat fir Feststellunge konnte rezent gemaach ginn? Gëtt et eventuell aner Stabilitéitsproblemer?*
- 3. Sinn d'Aarbechte schonn ausgeschriwwe ginn?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu